adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 3253

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 13:03, 04/12/2020

Lëtzebuerg, den 03. Dezember 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister an un den Här Minister vum Mëttelstand weiderzeleeden.

Vill Betriber aus dem Horesca-Secteur sinn, duerch de neie „Lockdown", an enger schwiereger finanzieller Situatioun. Et riskéiert zu engem massive Verloscht vun Aarbechtsplazen an zu sëllege Faillitten ze kommen. Dofir hunn déi Responsabel vum Secteur nei Fuerderunge gestallt an hunn d'Regierung opgefuerdert fir dem ganze Secteur weider Hëllefen zoukommen ze loossen. Et gëtt sech doriwwer beklot datt d'Regierung d'Gastronomie op e neits zougemaach huet, iwwerdeems d'Butteker op bliwwe sinn a vill Akafszenteren um leschte Weekend „schwaarz" vu Leit waren. Nodeems den Här Staatsminister Xavier Bettel zouginn hat datt den Horesca-Secteur responsabel mat der Corona-Situatioun géif ëmgoen, géifen elo no der Decisioun vun der Regierung, d'Recettë komplett ausbleiwen. Dat wär net acceptabel a finanziell géif dat bedeiten datt vill Betriber net méi iwwert d'Ronne kënne kommen. Gefuerdert gëtt ënnert aanerem datt de Staat all déi fix Käschten, wärend der Period wou de Secteur muss zoubleiwen, iwwerhëlt. Weider misst d'Gültegkeet vun den Iwwernuechtungs-Bonge fir weider 12 Méint verlängert ginn. Fir den Horesca-Secteur misst dann och e Moratoire ouni Zënsen agefouert ginn, dat wat d'Payementer un ëffentlech Verwaltungen oder fir d'TVA ugeet. Fir d'Joer 2021 fuerderen déi Responsabel vun der Horesca datt d'TVA fir all d'Servicer vum Secteur nees op 3% erofgesat gëtt.

An deem Kontext géif ech gär folgend Fro un d'Regierung stellen:

1. Ass d'Regierung gewëllt fir d'Fuerderunge vun der Horesca alleguerten z'erfëllen?

   _Fixkäschten

   _Iwwernuechtungsbongen

   _Payementer ëffentlech Verwaltungen

_TVA op 3%

2. Wa Nee, wat fir enge Fuerderunge vun der Horesca plangt d'Regierung nozekommen a wat fir enge net?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

REÇU
Par Alff Christian , 15:20, 06/01/2021

Référence : 835xdb6dd

Luxembourg, le 6 janvier 2021

**Concerne :** Question parlementaire n° 3253 du 3 décembre 2020 de Monsieur le Député Roy Reding concernant les aides pour le secteur Horeca

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Pour le Ministre des Finances,

Bob KIEFFER
Directeur du Trésor



144 000003-20040525 FR

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Pierre Gramegna, an vum Minister fir den Mëttelstand, Lex Delles, op d'parlamentaresch Fro N° 3253 vum 3. Dezember 2020 vum honorabelen Deputéierten Roy Reding**

D'Regierung ass sech der Wichtegkeet vum HORECA-Secteur voll a ganz bewosst a steet dofir an enkem a regelméissege Kontakt mam betraffene Secteur. D'Regierung wäert dofir och weiderhin deene Betriber ënnert d'Äerm gräifen, déi net duerch en eegent Feelverhalen, mä duerch déi konjunkturell Situatioun vun der Pandemie vum Covid-19, an eng prekär Situatioun gerode sinn.

An deem Kontext schéngt et eis wichteg op déi nei Hëllef vun enger Kompensatioun vun de Käschten hinzeweisen ("Aide coûts non couverts"); eng Hëllef, déi sech ënnert anerem un de Secteur vum HORECA riicht a fir d'Méint November 2020 bis Mäerz 2021 kann ugefrot ginn. De Grondgedanke vun dëser neier Hëllef ass et, fir deene Betriber, déi massiv Aboussen an hirem Ëmsaz hunn beim Stemme vun hire Käschten zur Säit ze stoen an hinnen e groussen Deel vun hire Käschten ze kompenséieren.

Sou kann zum Beispill ee klenge Restaurant mat manner wéi 50 Mataarbechter d'Differenz tëschent senge Recetten a 75% vu sengen Ausgabe geltend maachen. Vun dëser Differenz kann de Staat dann 90% iwwerhuelen an a Form vu staatlechen Hëllefen ausbezuelen. Bei engem Betrib vu 50 oder méi Mataarbechter kann de Staat 70% iwwerhuelen. Well d'Decisioun fir d'Restauranten an d'Caféen zouzemaachen awer ee besonnesch groussen Impakt op d'Tresorerie vun de betraffene Betriber wäert hunn, ass et fir d'Méint November, Dezember a Januar virgesinn, dass de Betrib net just 75%, mä 100% vu sengen Ausgabe ka geltend maachen.

Des Weideren huet d'Regierung d'Decisioun getraff, d'Validitéit vun de 50-Euro-Iwwernuechtungsbongen nach emol bis den 18. Abrëll 2021 ze verlängeren.

Doriwwer eraus huet d'Regierung schonn am Mee 2020 eng Panoplie vun steierlechen Mesuren en place gesat fir Betriber ze ënnerstëtzen déi mat Liquiditeitsschwierechkeeten ze kämpfen hunn, notamment d'Méiglechkeet eng Annulatioun vun den Avancë vum éischten an zweeten Trimester 2020 beim Steierbüro ze froen, an d'Méiglechkeet fir no de Besteierungen, wou d'Echeance nom 28. Februar 2020 louch, een Délai de Paiement vu 4 Méint ze froen deen automatesch accordéiert gouf. Och den Délai fir d'Steiererklärung vun 2019 ofzeginn gouf vun Enn Mäerz 2020 op Enn Juni 2020 verlängert. Dësweideren konnte en zousätzlechen Délai bis den 31ten Dezember ugefrot ginn. Den 21ten Dezember huet d'Regierung décidéiert dësen Délai ëm wieder 3 Méint bis den 31.3.2021 ze verlängeren, an den Délai fir d'Steiererklärung vun 2020 ofzeginn, vun Enn Mäerz 2021 op Enn Juni 2021 ze verlängeren. All dës Mesuren sinn natierlech fir den ganzen HORECA Secteur applicabel.

Och bei der TVA, weist d'Enregistrementsverwaltung am Zesummenhank mat der COVID-19-Kris vill Verständnis, appliziéiert di Toleranz beim Dépôt vun den Déclaratiounen, an ass tolerant wat d'Bezuehlen vun der TVA ugeet.

An fir speziell den klenge Betriber ënnert d'Aerm ze gräifen, rembourséiert d'Verwaltung zäitno all „soldes créditeurs" an der TVA ënnert engem Montant vun 10.000 Euro.

Och besteet d'Méiglechkeet beim Enregistrement d'Fuerderungen ze echellonnéieren, dëst souwuel a Krisenzäiten, wéi och ausserhalb vun dësen Zäiten.

Wat d'TVA vun 3% fir all d'Servicer aus dem HORECA Secteur ugeet, sou gëtt et momentan keng Pläng fir iwwer den aktuelle Regime erauszegoen.